ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem ass bekannt ginn, datt den Här Minister plangt fir der Arméi nei Uniformen ze ginn. An dem Kontext wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt hien d'Intentioun huet, der Lëtzebuerger Arméi nei Uniformen ze ginn?
2. Wat soll d'Zil vun esou Veränneruge sinn? Fir wéini wäre sou Ännerunge virgesinn?
3. Wéi soll déi nei Uniform ausgesinn? Gëtt et Virbiller am Ausland?
4. Wéi eng Typpe vun Uniformen oder Tenuë wären heivu betraff? Wëll den Här Minister z.B. déi britesch Traditioun vum "Service dress" ofänneren oder ofschafen? Wa jo, firwat?
5. Wëll d'Regierung un den Traditioune vun de Lëtzebuerger Uniforme festhalen (Wope vum Jang de Blannen, orange Rimm fir d'Offizéier, schwaarze Béret, an esou virun…)
6. Wëll d'Regierung nees eng Summerbox bei der Summeruniform aféieren, nodeem déi virun e puer Joer aus budgetäre Grënn ofgeschaaft gouf?
7. Kann d'Regierung dofir suergen, datt esou vill wéi méiglech Uniforme vun der Lëtzebuerger Arméi, vun der Police a vun anere Corpsen hei am Land produzéiert ginn?
8. Wëll d'Regierung, ausser den Uniformen, nach aner Saache bei der Arméi änneren, wéi z.B. Wopen, Ofzeechen an esou virun? Wa jo, wéi a firwat?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten